



Rapport Referees' Commission - 31.08.2021

Present : Courtois, Frieden, Geib, Nesser, Simonelli, Weinzierl, Weber (video)

Entschëllegt : Frieseisen, Kröpelin

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 10.06.2021.**
- 2) **Stage Ufank Saison :**
De Stage fir den Ufank vun der Saison war den 28. an 29. Oktober 2021 mam Kay Holm (DHB Schiedsrichterlehrwart). D'RefCom géif sech hei ob méi Disziplin beim Un-an Ofmelle freeën. An Zukunft ginn eventuell ufälleg Käschten un de Schëllege weider. Um Stage sinn och d'Richtlinne fir des Saison virgestallt ginn. Des Informatioun gëtt och un d'Veräiner verschéckt.
- 3) **Reegel- a Laftest :**
*Déi Arbitter déi nach kee Reegelttest gemaach hunn, gi kontaktéiert fir eng lescht online Chance virum 5. September.
Weiderhin huet d'RefCom decidéiert e Reegelttester all 1 bis 2 Méint ze maachen fir den Arbitter nach eng besser Reegelkenntnis ze erméiglechen.
Déi Arbitter déi nach de Laftest maache mussen, sollen sech mam Georges Frieden (georges.frieden.flh@gmx.com) mellen.*
- 4) **Koppelen a Kader AXA :**
Well e puer Arbitter opgehalen hunn, sinn och Koppelen auserneegefall. D'RefCom huet 6 AXA-Koppelen a 6 Reserven AXA-Koppelen definéiert.
- 5) **Hale vu Lëntgen a Luerenzweiler :**
D'Hale vu Lëntgen a Luerenzweiler si kontrolléiert ginn. Iwwerall sinn nach e puer Saachen ze verbesseren, mee et ass OK fir offiziell Matcher an deenen Halen ze spillen.
- 6) **Nei EHF Arbitter :**
D'RefCom gratuléiert den Arbitter Sabien Weber an Denis Weinquin déi um W17 EHF Championship a Litauen hiren EHF Badge kruten, a wënscht hinne vill Erfolleg um europäeschen Niveau.
- 7) **Ausrëschtung Spiller :**
D'RefCom wëll nach eng Kéier op d'Reglement iwwert d'Ausrëschtung vun de Spiller hiweisen.
https://www.flh.lu/fileadmin/flh/Arbitrage/Documents/Clarifications_equipment_2017.pdf
An dem Kontext sief präziséiert :
 - *Wuedeschoner brauchen net an der Faarf vun de Strëmp ze sinn. Et soll awer e bëssen opgepasst ginn, dass do net 20 verschidde Faarwe benotzt ginn.*
 - *D'Faarf vun de Knieschoner ass egal. Hei muss awer d'Längt vun de Schoner ugepasst sinn, dass et keng Leggings gëtt.*
 - *Thermoënnerbox sollen déi selwecht Faarf hunn, wéi de Short. Wann net, dann awer déi selwecht Faarf fir all Spiller aus der Ekipp. Z.B.: wäisse Short, schwaarzen Thermo, dann awer schwarz fir all Spiller*
 - *Leggings wéi laang Schoner si fir Spiller verbueden.*
 - *Thermoärm MUSSEN déi selwecht Faarf hunn, wéi d'Haaptfaarf vum Trikot.*
 - *D'Faarf vun den Ielbouschoner ass egal, mee och hei muss op d'Längt opgepasst ginn.*
 - *Enkelschoner musse ganz getapt ginn. Hei ass d'Faarf egal, soll awer net ze vill Kiermes sinn.*



8) **Delegué a Beobachter :**

D'RefCom bestätegt, dass ab dëser Saison den Delegué nach just d'Aarbecht vum Delegué mécht. Eventuel Beobachtungen vun den Arbitter ginn net méi zur selwechter Zäit a net onbedéngt vun der selwechter Persoun gemaach. De Sabien Weber ass am Gaangen den neie Beobachtungsbou auszeschaffen.

Nächst RefCom Dënschden den 19. Oktober 2021 um 18h30 zu Stroossen